N°1579
Entrée le 20.01.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Gemeisam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit a vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus op d'parlamentaresch Fro n°1579 vum 25. November 2024 vum éierewäerten Députéierten Här Jeff Engelen iwwert "Déforestation des forêts tropicales"**

**Wéi eng Moossnamen huet d'Regierung bis ewell geholl, fir d'Betriber bei der Ëmsetzung vun deem Reglement ze ënnerstëtzen?**

D'Regierung wollt de finalen Text vum Reglement ofwaarden a wéini dëse géif applikabel gi fir konkret Moossnamen ze huelen. De *règlement (UE) 2024/3234 du Parlement européen et du Conseil du 19 décembre 2024 modifiant le règlement (UE) 2023/1115 en ce qui concerne les dispositions relatives à la date d'application* ass den 23. Dezember 2024 publizéiert ginn.

D'Reglement "EUDR" wäert elo am Prinzip ab dem 30. Dezember 2025 fir grouss a mëttelgrouss Betriber gëllen, an ab dem 30. Juni 2026 fir Mikro- a kleng Betriber, also 12 Méint méi spéit wéi ursprénglech geplangt.

**Wéi géif d'Regierung dat zousätzlech Joer notzen, fir d'Betriber bei der Ëmsetzung vun deem Reglement ze ënnerstëtzen, falls d'Propose vun der Verlängerung ugeholl gëtt?**

D'Reglement gesäit eng fakultativ Ënnerstëtzung vun de Memberstaate fir d'Betriber vir. D'Regierung wëll doriwwer eraus d'Betriber ënnerstëtzen an ass aktuell an enger Concertatiounsphase. Soubal konkret Moossname feststi wäert d'Regierung d'Betriber doriwwer informéieren.

**Wéi eng Moossname géif d'Regierung huelen, fir eis Betriber ze ënnerstëtzen, falls d'Propose d'Applikatioun vum Text ze verréckelen net méi am Delai ugeholl gëtt?**

D'Propos d'Applikatioun vum Text ze verréckelen ass am Delai ugeholl ginn.

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit